ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

> Elektromobilitéit ass en Thema wat eis zu Lëtzebuerg ëmmer méi beweegt. Dëse politesch forcéierte Paradigmewiessel vum Verbrennungs- op den Elektromotor stellt eis gesamtgesellschaftlech viru grouss Erausfuerderungen. Fir eis als ADR gehéiert et zum politesche Selbstverständnes, datt d'Regierung bei dem wat se vun de Bierger verlaangt, selwer mat guddem Beispill virausgeet.
>
> Duerfir hu mir folgend Nofro un den Här Transportminister:
>
> 1) Wéi vill elektresch Gefierer sinn aktuell beim Staat insgesamt am Asaz?
> 2) Wéi deelen sech des Gefierer op déi eenzel Institutiounen (Arméi, Police, Rettungsdéngschter, Déngschtween, Gemengen an ëffentlechen Transport asw.) op?
> 3) Wéi verdeelen déi Gefierer, déi säit dem Ufank vun dëser Legislaturperiode an den ëffentlechen Déngscht gestallt goufen, sech op d' Kategorie Verbrennungsmotor, Hybridmotor an Elektromotor, op?
> 4) Op wéi enge finanziellen an technologesche Krittären hunn déi Uschafungen baséiert?
> 5) Gëtt et scho Fäll, datt de Staat Elektrogefierer nees verkaf oder ausgemustert huet?
> 6) Wa jo, wéi waren des Entscheedungen am eenzele motivéiert?
> 7) Gëtt et Regierungsmemberen, déi am Déngscht ganz oder deelweis op Elektromobilitéit verzichten? Falls jo, wat sinn hir Grënn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742